

SYNEED



SCHOULBUET  
2020-2021



# Sommaire

Virwuert vum President vum SYNECOSPORT M. Jempi Hoffmann	1 - 4
Virwuert vum President vum Schoulskomitee M. Gilles Irthum	5 - 8
Virwuert Schouldirektioun	9
Virstellung Mme Martine Turpel	10
Elterevertrieder	11 - 12
Elvere	13 - 15
Maison relais	16 - 17
Schoulvakanzen	18
Nei Spillplaz	19 - 21
Beschreibung Parking	22
Sécherheetskonzept	23
Bushoraire Bech	24 - 25
Reglement Bustransport	26 - 28
Bushoraire Manternach	29
Struktur vun der Schoul	30-31
Horairen an Nummern vun de Kllassesäll	32 - 33
Klasserfotoen	34 - 39
Cycle 1-4	40 - 58
Rentrée vum 25. Mee 2020	59
Schouljoer 2019/2020	60 - 61
Dag vum Bam, Ausstellung Geschichtsfrënn	
Schoulhond	62 - 63
Bibliothék	64 - 66
LASEP	67 - 68
Mme Michèle Schmit	69
Telefonsnummern	

Edition: Schoulsyndikat SYNECOSPORT

Fotoen: Ed. Frières, Corps enseignant

Drock: Imprimerie de l'Est, Echternach

Léif Schoulkanner,  
Léif Elteren,  
Léif Biergerinnen a Bierger aus de Gemenge Manternach a Bech,



mam Schouljoer 2019-2020 ass ee ganz aussergewöhnlecht Joer op en Enn gaangen. D'Kris vum Coronavirus stoung dëst Joer sécherlech am Méttelpunkt. Nom 13. März hunn d'Schoule misse ganz zougemaach ginn a konnte réischt de 25. Mee mat den A/B Gruppen erëm opgemaach ginn. Währenddem ass awer am Homeschooling fläisseg weidergeliert ginn, och wann dësen déi klassesch Schoulstonnen natierlech net ersetze kann. Eist Léierpersonal, ënnert der Leedung vum Schoulpresident Gilles Irthum, huet während all dëse Wochen erëm eng aussergewöhnlech Aarbecht geleescht. Ech soen hinne villmools Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht während der Kris an doriwwer eraus.

Während laange Stonnen a ville Reuniounen ass ab dem Mee déi ganz speziell „Rentrée“ preparéiert ginn. Och eisem Personal vum Service Technique, dem Edy an dem Steve, déi ganz vill beim technesche Volet vun der Rentrée gehollef hunn, e grouse Merci fir hir super Aarbecht. Och de Responsabele vun der Maison Relais an dem ganze Personal e grouse Merci fir hir vill Aarbecht an dëse schwierigen Zäiten. Merci dem Här Joa Baum a senger Ekipp vun der Regionaldirektioun 10 fir déi gutt Zesummenaarbecht. Zesumme mat alle concernéierten Acteuren ass et gelongen, d'Rentrée an déi Wochen duerno gutt iwwer d'Bün ze bréngen.

Mam neie Schouljoer kënt et dann och zum übleche Wiessel un der Spëtzt vum Schoulsyndikat „Synecosport“: mat ganz vill Freed iwwerhuelen ech dës verantwortungsvoll Tâche a freeë mech an de nächste knapp dräi Joer am Sënn vun alle Schülerinnen a Schüler aus den zwou Gemengen ze schaffen. Et sti vill Aufgaben an Erausforderunge virun der Dier. Als éischt natierlech déi kommend Rentrée zesumme mam Léierpersonal an dem Service Technique ze plangen. Duerno kënne weider Diskussiounen an Aufgaben an Ugrëff geholl ginn. Ech wëll zesumme mat de Kolleegen aus dem Bureau an dem Comité vum Syneco kucken, wéi mir d'Schoulliewen zu Berbuerg an de nächste Joren nach weider kënne verbessern. Ass d'Bäibehale vun dem „Corona-Horaire“ eng Optioun? Wéi eng Léiere kann een aus der Kris zéien? Wat kënne mir nach verbessern? Dës Froen solle vum Syneco an enkem Austausch mat alle concernéierten Acteure wéi Léierpersonal, Verrieder vun der Maison Relais, der Schoulkommissioun, den Eltereverrieder, der Elvere, am Sënn vun de Kanner beäntwert ginn.

Ech wëll an deem Kontext och dem Camille Kohn e grouse Merci soen fir déi sechs Joer un der Spëtzt vum Syndikat. De Site huet sech an dëse Joren a villen Aspekter zum Positiven entwéckelt an dat läit sécherlech och u sengem onermiddlechen Asaz. Dofir e grouse Merci. Ech sinn iwwerzeegt, dass mir och an Zukunft nach weider gutt kënnen zesummeschaffen.

Wann ech vun de Projete schwätzen, déi realiséiert gi sinn, ass et dëst Joer sécher dat neit Verkéierskonzept wat erausstécht. No laange Joren a villen Diskussiounen si mir frou dëse Projet endlech fäerdeg gestallt kritt ze hunn. Ech denken, jiddereen dee schonn um Site war, konnt sech dervun iwwerzeegen, dass hei d'Sécherheet vun de Schüler vill besser kann assuréiert ginn, an dat sollt ëmmer eis Prioritéit sinn. Mee och eis flott Spillplaz am Bongert dréit an de nächste Joren zu enger gréisserer Attraktivitéit vum Schoulsite fir d'Kanner bäi. E grouse Merci un d'Elvere, déi hei ee Spill gestéft huet. Weiderhin ass fir d'Kanner vu Berbuerg och e flotten, direkte Wee aus der Rue Nicolas Wagner bis op de Schoulsite entstanen. Och dës Mesure wäert d'Sécherheet vun de Kanner weider erhéijen.



Ab dem Hierscht wäert an der Entrée vun der Sportshal och een Drénkwaasserspender stoen, wou d´Kanner sech kënnen zerwéieren. Fir gutt ekippéiert ze sinn, kritt all Schüler vum Syneco en Drénkbecher mam neie Logo vum Syndicat spendéiert. Den nohaltege Gedanken hannert dëser Aktioun soll och an de nächste Jore weider gefouert ginn.

Am Numm vun der ganzer Ekipp vum Synecosport wënschen ech alle Kanner an hire Familljen, souwéi dem Léierpersonal an dem Personal vun der Maison Relais an der Crèche e flott a virun allem gesond Schouljoer 2020-2021. Passt op iech op!

Am Fall vu Problemer oder Suggestiounen kënnt dir mech ënner [jean-pierre.hoffmann@manternach.lu](mailto:jean-pierre.hoffmann@manternach.lu) kontaktéieren.

Jempi Hoffmann  
President Synecosport  
Buergermeeschter Gemeng Manternach



Chers élèves,  
Chers parents,  
Chères citoyennes, chers citoyens des communes Manternach et Bech,



L'année scolaire 2019-2020 s'est achevée sur une note très particulière. En effet, elle a été marquée par la crise du coronavirus. Les écoles ont dû fermer après le 13 mars et n'ont rouvert que le 25 mai avec des groupes A/B. Pendant ce temps, les élèves ont continué à apprendre leurs leçons à la maison, bien que le homeschooling ne puisse remplacer les cours donnés en établissement scolaire. Notre corps enseignant, sous la direction de Gilles Irthum, président du comité d'école, a fourni un travail exceptionnel pendant toutes ces semaines. Je leur remercie pour la bonne collaboration au cours de la crise sanitaire et au-delà de celle-ci.

Il aura fallu de nombreuses réunions et de longues heures de travail au mois de mai pour préparer cette « rentrée » particulière. Je tiens à remercier vivement notre personnel du Service technique, Edy et Steve, pour leur travail quant au volet technique de cette rentrée. Un grand merci également aux responsables de la Maison Relais ainsi qu'à l'ensemble du personnel pour tout le travail fourni pendant ces temps difficiles. Un grand Merci aussi à Monsieur Joa Baum et toute son équipe de la direction régionale 10 pour la bonne coopération. Tous ensemble, avec les acteurs concernés, nous avons réussi à organiser au mieux cette rentrée et les semaines qui ont suivi.

Qui dit nouvelle année scolaire, dit changement à la tête du syndicat scolaire « Synecosport » : je suis heureux d'assumer cette tâche importante et je me réjouis de travailler dans l'intérêt des élèves des deux communes pendant ces trois années à venir. De nombreux défis sont à relever, de nombreuses tâches à effectuer. Dans un premier temps, il s'agira bien évidemment de planifier la prochaine rentrée avec le corps enseignant et le Service technique. Ensuite, il faudra poursuivre les discussions et accomplir les différentes tâches. En collaboration avec les collègues du Bureau et du comité du Syneco, nous travaillerons également sur la manière de continuer à améliorer la vie scolaire à Berbourg dans les années à venir. Est-ce que le maintien de « l'horaire Corona » est une option ? Qu'avons-nous appris de la crise ? Que pourrions-nous améliorer ? L'objectif est de répondre à toutes ces questions au sein du syndicat en étroite collaboration avec l'ensemble des acteurs concernés, à savoir le corps enseignant, les représentants de la Maison Relais, la commission scolaire et les représentants des parents d'élèves, l'Elvere, et dans l'intérêt des enfants.

Dans ce contexte, j'adresse un grand merci à Camille Kohn pour ses six années à la tête du syndicat. En effet, ces dernières années, le campus a évolué positivement en de nombreux aspects, et ce sans aucun doute grâce à son engagement inlassable. Un grand merci à lui. Je suis certain que nous continuerons à collaborer de la meilleure manière.

En ce qui concerne les projets réalisés, je dois absolument citer le nouvel aménagement de la circulation achevé de cette année. Après de longues années et de nombreuses discussions, nous sommes heureux que ce projet soit finalisé. Je suis certain que tous ceux qui se sont déjà rendus sur le campus ont pu constater que la sécurité des élèves est désormais mieux garantie, ce qui reste et restera notre priorité. Sans oublier notre superbe aire de jeux au verger qui, dans les années à venir, contribuera à une meilleure attractivité du site scolaire pour les enfants. Un grand merci à l'Elvere qui nous a offert un jeu. Les enfants de Berbourg peuvent désormais également emprunter un chemin agréable qui mène de la Rue Nicolas Wagner au campus. Une autre mesure qui



permet de garantir la sécurité de nos enfants.

À l'automne, les enfants trouveront à l'entrée du hall sportif une fontaine d'eau qui permet à chacun de se servir. Pour cela, Syneco offrira à chaque élève un gobelet avec le nouveau logo du syndicat. La démarche durable de cette action devrait être poursuivie dans les années à venir.

Au nom de toute l'équipe du Synecosport, je souhaite à tous les élèves et leurs familles, au corps enseignant et au personnel de la Maison Relais et de la crèche une très belle année scolaire 2020-2021. Prenez soin de vous !

En cas de problèmes ou si vous avez des suggestions à faire, vous pouvez me contacter sur [jean-pierre.hoffmann@manternach.lu](mailto:jean-pierre.hoffmann@manternach.lu).

Jempi Hoffmann  
Président Synecosport  
Bourgmestre Commune de Manternach





Léif Elteren, léif Kanner, léif alleguer,



Mäi Réckbléck op dat vergaangent Schouljoer wëll ech mam 13. Mäerz ufänken. Wéi mir Schoulpresidenten um Virowend zesumme bis spéit an d’Nuecht geplangt hunn, hätt wuel kee geduecht dass eis Schoule bis de 25. Mee géifen zoubleiwen. Mir konnten dunn awer a kierzester Zäit, duerch eng gutt ofgestëmmten Zesummenaarbecht mat de Kanner an Elteren e System vun Homeschooling op d’Bee setzen, deen engersäits pedagogesch wäertvoll an anerersäits och an de Famille praktesch ëmsetzbar war. Hei wëll ech de Kanner an den Elteren e grouse Luef ausschwätzen, béid hunn sech séier mat der neier Situatioun familiariséiert, all d’Famillen hunn immens gutt matgeschafft an et war en éierlecht Mateneen a Fireneen tëschent der Schoul an dem Elterehaus zum Wuel vun der Bildung vun eise Kanner. Des weidere konnten eis Kanner grouss Fortschrëtter maachen am Ëmgang mat de neie Medien, a si wéi mir alleguerten, hunn och d’Limitten dovun opgewise kritt.

Fir d’Preparatioun vunder zweeter Rentrée vum 25. Mee wëll ech virun allem de Gemengeresponsablen, dem Service technique, der Maison relais, eiser Schouldirektioun an all menge Kollege vum Corps enseignant Merci soen, hei ass wierklech Dag an Nuecht geschafft ginn, fir dass mir eis ganz Schoul ëmorganiséiert kruten. Mir all hätten eis awer méi eng kloer Linn vun eisem Ministère gewënscht. Virun allem krute mir leider eng Rëtsch Informatiounen duerch d’Medien amplaz direkt vun uewerof. Mir alleguerten hoffen, dass bei der weiderer Gestiou vun der Kris hei nogebessert gëtt. Ech wëll awer och nach eemol op déi gutt Zesummenaarbecht an Disziplin vun eise Kanner hiweisen, si hunn all déi organisatoresch a sanitär nei Mesurë mat ganz vill Disziplin a Versteesdemech ugeholl a respektéiert. Mir hoffen als Schoul, dass eng Rei Mesurë wéi d’Organisatioun an eise Schoulhäff a virun allem de geännerte Schoulhoraire an Zukunft kënne bäibehale ginn. Mir kënnen op jidde Fall festhalen, dass dësen Horaire pedagogesch sënnvoll an ëmsetzbar ass, mir wëllen duerfir ab dësem Hierscht mat alle Schoulpartner de proposéierten Horaire duerchdiskutéieren, optiméieren a striewe ganz kloer als Schoul eng Ännerung an dësem Beräich un.

En neien Horaire kéint dann och d’Basis fir de nächste PDS sinn, dee mir am kommende Joer, zesumme mat alle Schoulpartner wäerten ausschaffen. Duerch de Confinement konnten eng Rei Aktiounen aus dem aktuelle Schoulentwécklungsplang nach net realiséiert ginn, mir wëllen déi Mesuren awer elo am kommende Schouljoer nohuelen. Mir konnte glécklecherweis vun der spezieller Situatioun profitéieren a virun allem d’Kompetenzen am Ëmgang mat de neie Medie weider developpéieren, ausserdeem ass eis Schoul nach mat engem weidere Chariot mat I-Paden fir de Cycle 2 équipéiert ginn. Am Cycle 4.1 ass de Projet vum Team weider ausgebaut ginn, dës Form vun Unterrecht erméiglecht eng besser Differenzéierung well d’Kanner an den Haaptfächer an dräi méi kleng Gruppen léieren, an de Niewefächer hu mir zwou Gruppen. D’nächst Schouljoer wäert och de Cycle 2.1 esou fonctionéieren, d’Kanner bilden och hei e grouse Grupp, gi vun 4 Enseignanten ënnerriicht, virun allem an den Haaptfächer fonctionéieren da jeeweils 3 Gruppen. Sou kënne mir den drëtten Sous-objectif vun eisem PDS nach weider entwéckelen, des weideren hu mir d’Chance dass eis I-EBS eng Rei Stonne méi wäert an eiser Schoul schaffen an esou hir excellent Aarbecht nach optimiséiere kann.

Duerch de limitéierte Contingent vun Unterrechtsstonnen hu mir virun allem am Cycle 1 précoc grousse Klasse mat jeeweils 20 Kanner an eiser Schoulorganisatioun forméiert, mir hu virmëttetes zum Deel eng drëtt Léierpersoun an de Klassen, mee mir plangen hei méttelfristeg eng drëtt Précoceklasse opzemaachen. Déi demographesch Entwécklung an den zwou Gemenge verlaangt ganz kloer déi Mesure. Déi néideg Infrastrukture vum Synecosport si geschafene, mee leider si mir ofhängeg vun der Zoudeelung vum néidege Contingent. Mir sinn als Corps enseignant méi wéi houfreg an zefridde mat dem geännerte Parking um Site, mat méi Parkplazen, mat enger Busgare a virun allem mat dem securiséierte Beräich fir eis Kanner. Mir konnten hei nom 25. Mee esou richteg profitéiere vun dësen Infrastrukturen, genau sou wéi vun der neier Spillplaz, hannert dem Schoulgebai vun de Cyclen 1 an 2. Dir gesitt an Text a Bild vun eise Klengsten an dësem Schoulbuet, wéi frou si mat dëser Spillplaz sinn. E besonnesche Merci wëll ech der Elvere soen, fir d'Stëfte vun der Piratewipp an awer och fir déi gutt Zesummenaarbecht dat ganz Joer, dat selwecht gëllt fir d'Zesummenaarbecht mat eisen engagéierten Elterevertrieder an der Schoulkommissioun.

Ech wëll hei, wéi all Joer, dem ganze Synecosport fir hir Ënnerstëtzung a virun allem dem Camille Kohn Merci soen, dee während zwou Perioden vu jeeweils 3 Joer, de Schoulsyndikat presidéiert huet. De Camille huet mat senger loyaler an onkomplizierter Aart a Weis ëmmer en oppent Ouer gehat fir all d'Doleancë vun eiser Schoul an huet wierklech ganz vill ëmgesat an deene Joren. Mir freeën eis des weideren op eng gutt a bestëmmt erfollegräich Zesummenaarbecht mat dem neie President, dem Jempi Hoffmann, deen déi lescht dräi Joer scho ganz vill an enk mat eis zesumme geschafft huet als Vice-President vum Synecosport an als Buergermeeschter vun der Gemeng Manternach.

Ech wëll des weideren d'Jeanine Feltes, déi nei Chargée de direction vun der Maison relais, ganz härezelech begréissen. Mir hunn an de vergaangene Wochen a Méint ganz intensiv mat der Maison relais kooperéiert, duerfir der ganzer Direktioun an dem Personal e weidere Merci.

E leschte Merci wëll ech am Numm vum ganze Léierpersonal un d'Ekipp vun eiser Schouldirektioun riichten, si hu während dem spezielle Schouljoer eng ganz professionell Aarbecht geleescht an hinne war keng Stonn ze fréi oder ze spéit fir sech mat den Doleancë vun eiser Schoul ze beschäftegen.

Ofschléissend wëll ech nees drop hiweisen, dass dir léif Elteren d'Offer vun der Kommunikatioun mat dem Léierpersonal sollt unhuelen, mir hunn ëmmer en oppent Ouer fir är Uleies. Ech hunn an deem Sënn dëst Joer d'Handysnummer bei meng Permanence gesat, mellt iech w.e.g. awer aus praktesche Grënn just nomëttetes.

An deem Sënn wënschen ech iech vill Freed a Succès fir d'Schouljoer 2020/2021 a bleift virun allem gesond a monter.

Gilles IRTHUM  
President vum Schoulkomitee





Chers parents, chers concitoyens, chers enfants,



En jetant un regard rétrospectif sur l'année scolaire passée, je veux commencer par le 13 mars, où la veille les présidents d'école ont planifié jusque tard dans la nuit et personne ne pensait que les écoles resteront fermées jusqu'au 25 mai. Cependant en peu de temps, grâce à une bonne coopération avec les élèves et les parents, un système de "homeschooling" pédagogiquement précieux, a pu être mis en place. Je tiens à féliciter les enfants et leurs parents pour cette collaboration exemplaire, d'ailleurs on a bien développé les compétences des élèves au niveau du maniement avec les nouvelles technologies.

Suite à la préparation de la deuxième rentrée en date du 25 mai, je tiens à remercier les responsables communaux, le service technique, la maison relais, la direction et surtout mes collègues du corps enseignant. Ensemble on a travaillé jour et nuit pour une réorganisation de notre école. Malheureusement les informations de notre ministère faisaient souvent défaut et souvent elles étaient communiquées par les médias. Une amélioration de la communication reste à souhaiter en vue d'une future gestion de la crise. Les mesures sanitaires prises ont été respectées avec une discipline exemplaire par les élèves. En tant qu'école, nous espérons que certaines mesures persistent, notamment l'organisation au site Rénert et surtout l'horaire scolaire. Cet horaire est pédagogiquement raisonnable et applicable. A cet effet des discussions vont être entamées en automne avec tous les partenaires scolaires, à notre avis des changements dans ce domaine sont nécessaires.

Ce nouveau horaire peut être la base du prochain PDS, élaboré l'année prochaine. Certaines actions du plan de développement scolaire actuel n'ont pas pu être réalisées, suite au confinement, leur réalisation sera reportée à l'année scolaire prochaine. Grâce à la situation extraordinaire, on a pu profiter à améliorer et développer les compétences dans le domaine de l'emploi des médias. Le cycle 2 de notre école fût équipé par un chariot supplémentaire d'Ipads. Aux cycles 3.2 et 4 le projet du team rend possible une éducation plus différenciée, car les élèves sont regroupés en 3 classes pour les branches principales et en 2 pour les branches secondaires. A partir de la prochaine rentrée le cycle 2.1 fonctionnera de manière identique. Les branches principales seront enseignées en 3 groupes, ainsi le troisième sous-objectif de notre PDS a pu être perfectionné. En vue d'optimiser le travail excellent de notre I-EBS, le nombre d'heures de son intervention a été augmenté.

Suite aux limites du contingent de leçons attribuées, nous avons dû créer au cycle 1 précoce, des classes avec un effectif élevé de 20 élèves. Une troisième personne éducative sera présente pendant les matinées. Cependant l'ouverture d'une troisième classe précoce doit être prévue à moyen terme. Le développement démographique des deux communes nécessite clairement ces mesures. Les infrastructures sont déjà mises à disposition par le Synecosport, mais malheureusement l'école est dépendant de l'attribution du contingent des leçons nécessaires.

En tant que personnel enseignant, on est fier et satisfait du parking réaménagé sur le site scolaire avec plus de places, des quais pour les bus et surtout avec une zone bien sécurisée pour les élèves. A partir du 25 mai on a pu profiter pleinement de toutes ces infrastructures, ainsi que de la nouvelle aire de jeux derrière



le bâtiment scolaire des cycles 1 et 2. Les textes et photos en annexe des jeunes enfants font preuve de leur joie. Un grand merci à l'Elvere pour le financement de la balance et la bonne coopération pendant toute l'année, de même pour l'engagement des représentants des parents d'élèves et de la commission scolaire.

Comme chaque année je tiens à remercier l'ensemble du Synecosport pour son soutien et surtout Camille Kohn, qui a présidé le syndicat scolaire pendant deux périodes de trois ans. Avec sa manière simple et loyale il avait toujours une oreille complaisante aux doléances de notre école et il a pu réaliser de nombreux projets. Nous nous réjouissons d'ores et déjà de collaborer avec le nouveau président Jempi Hoffmann. Lors des trois dernières années on a déjà bien collaboré avec lui en tant que vice-président du syndicat scolaire et bourgmestre de la commune de Manternach.

Je souhaite la bienvenue à Janine Feltes, nouvelle chargée de direction de la maison relais. Au cours des derniers mois la collaboration avec la maison relais était très intensive. Un grand merci à la direction et au personnel.

Au nom du corps enseignant je remercie toute l'équipe de la direction régionale. Durant cette année scolaire exceptionnelle, ils ont réalisé un travail professionnel exemplaire. Il ne leur était jamais trop tard ou trop tôt pour s'occuper des doléances de notre école.

Enfin je veux attirer l'attention des parents sur l'offre de communication avec le personnel enseignant. On est toujours à votre écoute. Pour ma part, je vous prie de bien vouloir me contacter, pour des raisons d'organisation, que les après-midis.

Dans cet esprit, je souhaite à vous tous une année scolaire 2020/2021 pleine de joie et de succès et restez surtout en bonne santé.

Gilles IRTHUM  
Président du comité d'école



# Virwuert Schouldirektioun

Léif Kanner, léif Elteren,

Am Moment wou ech dës Wierder schreiwen, hutt dir ee ganz speziell Schouljoer hannert iech. Ee Joer wat geprägt war vun engem Virus, deen ëm d 'Welt gaang ass an och Lëtzebuerg net verschount huet. Dir waart an dëser schwéierer Zäit ganz daper an dat huet mech ganz houfreg gemaach. Egal wéi schwéier et war, hutt dir net opginn an weider geschafft an iech gutt druginn. Dir waart frou är Kollegen nees ze gesinn a mir waren all frou äert Laachen nees ze héieren an de Pausen am Haff vun ärer Schoul. Ech wéilt awer op dëser Plaz nach eemol den Enseignanten, den Elteren an de Gemengen ee ganz grouse Merci soen fir hiren Asaz. Ouni iech all hätt et sécherlech net sou gutt geklappt.

Dir hutt all lo eng Summervakanz verdéngt.

Mat der selwechter Freed sinn d 'Schoulen schonns am Gaang déi nächst Rentrée ze preparéieren fir iech alles mat op de Wee ze ginn wat dir an ärem Liewen braucht fir staark Kanner a staark Erwuessener ze ginn.

Fir déi nei kleen Butzen ass et déi éischt Kéier wou se de Kabba undoen fir an d 'Schoul ze goen. Déi méi grouss sinn dee Wee schonns gewinnt an sinn deene Kleenen ee Virbild um Schoulwee, an der Paus wéi um Gank.

Zesumme wäerte mir dat Joer gestalten: d 'Enseignanten virop, mee och mir vun der Direktioun, d'Gemeng, d 'Maison Relais an net ze vergiessen dir Schüler an är Elteren.

Zesumme packe mir dat .

Dëst gesot, wënschen ech iech zesumme mat menger ganzer Ekipp all deenen, déi dozou bäidroen aus iech staark Kanner ze maachen, ee flott, erfëllend an erfollegräicht Schouljoer 2020/2021.

Joa Baum

Direkter vun der Grondschoul

Direktioun 10



# Virstellung Mme Martine Turpel

Mäi Numm ass Martine Krier-Turpel an ech hunn d'lescht Joer am Oktober d'Sekretariat vum Alain Kring iwverholl.

Dës Plaz bedeit fir mech eng nei berufflech Erausfuerderung an ech versichen déi kompetent Aarbecht vu mengem Virgänger sou gutt wéi méiglech fortzeféieren.

Ech freeë mech op eng flott Zesummenaarbecht mat allen Acteuren um Site an den Responsabelen vum Schoulsyndikat Synecosport.



Kontakt: Krier-Turpel Martine  
1, Schoulstrooss  
L-6831 Berbourg  
Tel.: 71 93 63 -817  
Email: [secretariat@synecosport.lu](mailto:secretariat@synecosport.lu)

Bürosstonnen vum Sekretariat sinn:

Dënsdes, Mëttwochs an Donneschdes : 08.00 – 12.00 Auer

Freides: 08.00 – 12.00 a vun 13.00 – 17.00 Auer

Mon nom est Martine Krier-Turpel et j'ai repris le poste de secrétaire en octobre 2019 de Alain Kring.

Ce poste constitue un nouveau défi professionnel pour moi et j'essaie d'assurer une bonne continuation de l'excellent travail de mon prédécesseur.

Je me réjouis d'une bonne coopération avec tous les acteurs du site ainsi qu'avec tous les membres du syndicat Synecosport.

Contact: Krier-Turpel Martine  
1, Schoulstrooss  
L-6831 Berbourg  
Tel.: 71 93 63 -817  
Email: [secretariat@synecosport.lu](mailto:secretariat@synecosport.lu)

Heures de bureau :

Mardi, mercredi et jeudi: 08.00 – 12.00 hrs

Vendredi: 08.00 – 12.00 hrs et de 13.00 – 17.00 hrs



# Eltere-Vertrieder

D'Elterevertrierder stin allen Elteren, déi eng Ufro maachen, mat Root an Ennerstëtzung zur Sait.

Sie setzen sech an fir d'Zesammenliewen an d'Secherheet vun alle Kanner aus der Grondschoul nach besser ze gestalten.

D'Elterevertrierder schaffe mam Schoulkomitee zesummen a ginn hier Meenung zum Schoulentwécklungsplang, zur Schoulorganisatioun an zu aner schouleschen Froen of.

Zwee Memberen vun den Elterevertrierder sinn och an der Schoulkommissioun vum Synecosport vertrueden.

De leschten Oktober ware Walen fir d'Elterevertrierder, folgend Persounen si fir dräi Joer gewielt gin:

Eric Buttini

Carine Conté

Gaston Gengler

Sandra Schu

Isabelle Wirtz

**Fir Kontakt mat den Elterevertrierder opzehuelen, kënt Dir eis gäre perséinlech uschwätzen oder eis iwwert des e-mail kontaktéieren:**

**[ev.bechmant@gmail.com](mailto:ev.bechmant@gmail.com)**





## Représentants des parents

Les représentants des parents d'élèves écoutent et renseignent tous les parents qui en font la demande.

Ils s'engagent pour améliorer d'avantage la vie scolaire et la sécurité de tous les enfants de l'école fondamentale.

Les représentants des parents s'échangent avec le comité d'école et donnent leur avis sur le plan de développement scolaire, sur l'organisation scolaire ainsi que sur d'autres questions scolaires.

Deux représentants des parents d'élèves sont également membres dans la commission scolaire du Synecosport.

En octobre dernier les élections pour les représentants des parents ont eu lieu, les personnes suivantes ont été élues pour une période de trois années:

Eric Buttini  
Carine Conté  
Gaston Gengler  
Sandra Schu  
Isabelle Wirtz

**Pour prendre contact avec les représentants des parents, nous vous invitons de nous parler personnellement ou de nous contacter par e-mail:**

**[ev.bechmant@gmail.com](mailto:ev.bechmant@gmail.com)**





Op eiser Generalversammlung vum 22. Oktober 2019 ass e neie Comité bestëmmt ginn:

*Lors de notre assemblée générale du 24 octobre 2018, un nouveau comité a été désigné :*



Assis (dgàd) : Nicole Goetz, Linda Minden, Sandra Schu (présidente), Carine Conté, Martin Kramer (trésorier), Gaston Gengler, Eric Buttini (secrétaire)

Debout (dgàd) : Fernand Neumann, Myriam Rossy, Sylvie Muller, Fanny Chevremont, Anne Tockert-Marmann

Absente : Isabelle Schönbeck-Wirtz (vice-présidente)

Eise Veräin huet folgend Aufgaben an Aktivitéiten:

- Verriedung vu Bildungs- a Familljeninteresse vun den Elteren a Schüler am Enseignement Fondamental vun de Gemenge Bech a Manternach, an Iwwerteneestëmmung mat de gültege Bildungs-Gesetzer a Veruerdnungen an eisem Land.
- De kontinuéierlechen Dialog tëscht Elteren op der enger Säit an Enseignanten, Schüler a Schoulautoritéiten déi aner Säit.
- De Schoulautoritéiten d'Virschléi vun den Elteren a punkto Schoulverwaltung a Schoulorganisatioun iwwerdroen.
- De Kontakt an de Meenungsaustausch tëschent Elteren an Enseignanteë fërderen.
- D'Froestellungen a punkto Ausbildung vun de Schüler, Rechter a Flichte vun der Famill ënnersichen.

D'Joresgewënner vum Veräin duerch seng Aktivitéiten a Memberscotisatioune fléissen an d'Schoulorganisatioun duerch de Kaf vun Informatiksmaterial, didakteschem Material oder duerch de Financement vun didakteschen Aktivitéiten fir Schoulkanner.

*L'association a pour objet et missions :*

- *De représenter les intérêts éducatifs et familiaux des parents et des élèves de l'enseignement fondamental des communes de Bech et de Manternach, dans le respect des lois et des règlements régissant l'enseignement de notre pays.*
- *De favoriser le dialogue permanent entre les parents d'une part, le personnel enseignant, les élèves et les autorités scolaires d'autre part.*
- *De transmettre aux autorités scolaires les suggestions des parents d'élèves en matière d'administration et d'organisation.*
- *D'encourager les contacts et les échanges de vue entre parents et enseignants.*
- *D'étudier les questions se rattachant à l'éducation des élèves et aux droits et devoirs de la famille en cette matière.*

*Les bénéfices annuels de l'association découlant de ses activités et des cotisations annuelles sont utilisés pour soutenir l'école, notamment sous forme d'achat de matériel didactique, informatique ou de financement d'activités didactiques pour les élèves.*



Dobäi organiéisert d'ELVERE och nach regelméisseg traditionell, kulturell an Fräizäitaktivitéiten. Leider konnte ganz vill Aktivitéiten wéinst dem Covid-19-Lockdown dësst Joer net stattfannen.

*De plus l'ELVERE organise régulièrement des activités traditionnelles, culturelles et de loisir. Malheureusement, en raison du confinement dû au virus Covid-19, de nombreuses activités n'ont pas pu avoir lieu et ont été annulées.*

Bis zu dem Lockdown am März konnte mir awer nach folgend Aktivitéiten organiséieren:

*Jusqu'au confinement en Mars, il nous a été possible d'organiser les activités suivantes:*

- Schwammcoursen an der Schwämm zu Biver am 1. Trimester mat 35 Kanner déi deelgeholl hunn.  
*Cours de natation à la piscine de Biver au premier trimestre avec 35 participants.*
- Empfang vun de Kanner vu de Cyclen 1 an 2 um éischte Schouldag mat Mëtschen a Chocky. D'Kanner vum Cycle 2.1 hunn eng Schmierkëscht vun der ELVERE als Kaddo kritt, Kanner vum Cycle 1 hunn eng Drénkfläsch kritt.  
*Accueil des enfants des cycles 1 et 2 au premier jour de classe avec un chocolat chaud et des viennoiseries pour le cycle 2. Les enfants du cycle 2.1 ont reçu une boîte à sandwich de l'ELVERE comme cadeau, les enfants du cycle 1 un bidon.*

- Second-Hand-Maart a Bichermaart de 7. März 2020 mat 42 Dëscher déi fir de Verkaf reservéiert gi waren fir de Second-Hand-Maart a ville Bicher déi mir kritt haten fir de Bichermaart.  
*Marché „second hand“ et marché aux livres le 7 mars 2020 avec 42 réservations de tables pour la vente au second-hand et aussi de très nombreux livres pour le marché aux livres.*



- Mat Hëllef vun eise Benefice vun de läschte Joren, hu mir dëst Joer op der neier Spillplaz vum neie Schoulgebai eng komplett Schaukelwipp finanziert mat engem Wäert vu Ronn 7.550 €.

*Grâce à nos bénéficiaires des dernières années, nous avons pu financer intégralement une balançoire à bascule pour la nouvelle aire de jeu du nouveau bâtiment scolaire. L'investissement s'élève à 7.550€.*



## Kennzeichen vum Schoultransport

## Identification pour le transport scolaire

### Gemeng / Commune Manternach



**Transport Précoce et Cycle 1:** (présence d'un accompagnateur adulte)  
Münschecker / Manternach-Gare / Manternach-St. Désert / Lellig / Berbourg



**Transport Cycle 2 à 4 :**  
Manternach-Gare / Manternach-St.Désert / Berbourg



**Transport Cycle 2 à 4 :**  
Münschecker / Lellig / Berbourg

### Gemeng / Commune Bech



**Transport Précoce et Cycle 1:** (présence d'un accompagnateur adulte)  
Zittig / Hemstal / Rippig (village) / Rippig (Grëntebierg) / Kreizenheicht / Altrier / Bech (commune) / Berbourg



**Transport Cycle 2 à 4 :**  
Zittig / Geyershaaff / Bech (commune) / Berbourg



**Transport Cycle 2 à 4 :**  
Hemstel / Rippig (village) / Rippig (Grëntebierg) / Kobenbour / Kreizenheicht / Altrier / Hersberg (bretelle) / Hersberg (village) / Berbourg

# MAISON RELAIS RENERT & CRÈCHE MAISON RENERT

Agréments SEAS2019270 & SEAJ 20190274

Gestionnaire: Caritas Jeunes et Familles asbl



## Betreuungsstruktur fir Kanner aus der Becher an der Manternacher Gemeng.

### Öffnungszeiten :

D'Maison Relais ass op vu méindes bis freides vun 6.30 bis 19.00 Auer.

D'Maison Relais ass zou während den offiziellen Feierdeeg an vum 24. Dezember bis den 1. Januar.

### Eis Offer:

- Betreuung vu Kanner am Alter vun 3 Méint (Crèche) bis 12 Joër
- Altersgerecht Betreuung vun de Kanner
- Buffet an der Mëttesstonn
- Fräizäitaktivitéite
- Surveillance vun den Hausaufgaben (keng Nohëllef)
- Zesummenaarbecht mat den Elteren, der Schoul an de Veräiner

### D'Erzéierequipe :

D'Kanner ginn encadréiert vun:

- assistante sociale
- éducatrices graduées
- éducateurs/trices diplômés/ées
- infirmière
- aides socio-familiales
- aides socio-éducatives
- auxiliaire/s de vie

### Tarif :

D'Verrechnung gëtt op Grond vum Tarif Chèque-Service gemaach.

<https://chequeservice.lu/> (Connexion Parents)

<http://www.men.public.lu/fr/enfance/>

<https://guichet.public.lu/fr/citoyens/famille/parents/garde-enfants/cheque-service.html>

<https://cae.public.lu/fr/cheque-service-accueil.html>

### Kontakt :

Maison Relais Renert  
Schoulstrooss  
L-6831 Berbourg

Wëllt dir Äert Kand an der Maison Relais umellen, dann kontaktéiert eis um

Tél. : 71 93 63 51

Fax : 71 93 63 52

E-Mail : [mr.renert@cjf.lu](mailto:mr.renert@cjf.lu) ou

[charge.renert@cjf.lu](mailto:charge.renert@cjf.lu) (Direction Berbourg)

## Structure d'accueil pour les enfants résidant à la commune de Bech et de Manternach.

### Heures d'ouverture:

La Maison Relais est ouverte du lundi au vendredi de 6h30 à 19h00.

La Maison Relais reste fermée les jours fériés légaux, ainsi que pendant notre fermeture annuelle du 24 décembre au 1<sup>er</sup> janvier inclus.

### Notre offre:

- Enfants âgés de 3 mois (Crèche) à 12 ans
- Encadrement approprié aux enfants et à leur tranche d'âge
- Restaurant scolaire
- Activités de loisirs
- Accompagnement des devoirs à domicile (pas d'appui)
- Collaboration entre parents, école et clubs

### L'Équipe éducative :

L'encadrement des enfants est assuré par notre équipe pluridisciplinaire qui se compose d' :

- assistante sociale
- éducatrices graduées
- éducateurs/trices diplômés/ées
- infirmière
- aides socio-familiales
- aides socio-éducatives
- auxiliaire/s de vie

### Tarif :

Le tarif appliqué est celui des chèques-services.

<https://chequeservice.lu/> (Connexion Parents)

<http://www.men.public.lu/fr/enfance/>

<https://guichet.public.lu/fr/citoyens/famille/parents/garde-enfants/cheque-service.html>

<https://cae.public.lu/fr/cheque-service-accueil.html>

### Contact:

Maison Relais Renert  
Schoulstrooss  
L-6831 Berbourg

Si vous désirez inscrire votre enfant à la Maison Relais, veuillez nous contacter aux numéros suivants:

Tél. : 71 93 63 51

Fax : 71 93 63 52

E-mail : [mr.renert@cjf.lu](mailto:mr.renert@cjf.lu) ou

[charge.renert@cjf.lu](mailto:charge.renert@cjf.lu) (Direction Berbourg)



Chargée de direction: Janine Feltes  
Chargée de direction adjointe: Diana Gliebe  
Agent administratif: Arthur Naujokat

Chargée de direction: Janine Feltes  
Chargée de direction adjointe: Diana Gliebe  
Agent administratif: Arthur Naujokat

Fir méi Informatiounen kuckt w.e.g. och eis  
Presentatioun op deene Internetsäiten vun de  
Gemeenen Bech an Manternach:

Pour plus d'informations veuillez consulter également  
notre présentation sur les sites Web des communes  
de Bech et de Manternach:

<http://www.bech.lu/Creche-et-Maison-Relai.49.0.html>  
<http://www.manternach.lu/fr/Pages/Maison-Relais.aspx>

<http://www.bech.lu/Creche-et-Maison-Relai.49.0.html>  
<http://www.manternach.lu/fr/Pages/Maison-Relais.aspx>

Mäin Numm ass Janine FELTES.

Vu Beruff sinn ech Assistante sociale.

Zënter 30 Joer, schaffen ech an der CARITAS. Ech war Responsabel  
vum Atelier HOLLERICH, en therapeutische Wäschatelier, fir Leit mat  
gesondheetleche, psychischen a soziale Problemer. Déi lescht 4 Joer,  
war ech verantwortlech fir den Nuetsfoyer vun der Wanteraktioun.

Zousätzlech Erfarungen hunn ech am Centre thérapeutique vu  
MANTERNACH gemaach.

Dir gesitt, ech hu vill Erfahrung am Erwuesseneberäich. Bewusst, wollt ech  
eng nei Erausfuerdreung. Säit dem 01/04/2020 ënnerstëtzen ech d'Ekipp  
vun der Maison relais als Chargée de direction. Et war eng ongewinnte  
Situatioun, vu que datt keng Kanner an net vill Personal do waren.

Déi Leit, déi mech kenne, soen ech wier ganz flexibel, dynamisch,  
verständnisvoll, sozial engagéiert a mam ganzen Häerz dobäi. An net ze  
vergiessen mäin Humor. Dir kënnt lech selwer e Bild vu mir man.

Dir erreicht mech ënnert der Telefonsnummer : T. 71 93 63 51 oder iwwer  
Mail : Charge.renert@cjf.lu oder mr.renert@cjf.lu

MfG,

Janine FELTES



Mon nom est Janine FELTES.

De profession, je suis assistante sociale.

Depuis 30 ans, je travaille à la CARITAS. J'étais responsable de l'Atelier HOLLERICH, un atelier-buanderie thérapeutique,  
pour des personnes à problèmes médico-psycho-sociaux. Les 4 dernières années, j'étais responsable du Foyer de  
Nuit de l'Action Hiver.

J'ai pu acquérir des expériences supplémentaires au Centre thérapeutique de MANTERNACH.

Vous voyez, j'ai beaucoup d'expérience dans le domaine des adultes. Consciente, j'ai voulu un nouveau défi.  
Depuis le 01/04/2020 je soutiens l'équipe de la Maison relais en tant que chargée de direction. C'était une situation  
inhabituelle, vue qu'il n'y avait pas d'enfants et pas beaucoup de personnel.

Les gens de mon entourage, me connaissent très flexible, dynamique, compréhensive, socialement engagée et à la  
tâche avec tout cœur. A ne pas oublier mon humour. Vous pouvez vous faire vous-même une image de moi.


Vous me joignez au numéro : T. 71 93 63 51 ou par mail : Charge.renert@cjf.lu ou mr.renert@cjf.lu

Meilleures salutations,

Janine FELTES

# ECOLE FONDAMENTALE Rénert

## Calendrier des vacances et congés scolaires pour l'année scolaire 2020/2021



Le règlement grand-ducal du 18 novembre 2015 a modifié l'article 4 du règlement grand-ducal du 31 juillet 1980 fixant le régime des vacances et congés scolaires en supprimant la journée du pèlerinage à Notre-Dame de Luxembourg comme étant un jour de congé collectif pour les enfants d'une commune. Désormais ce jour est un jour de classe normal; néanmoins les titulaires de classe sont tenus d'accepter les excuses individuelles présentées par les représentants légaux des enfants qui désirent prendre part à cette manifestation.

L'année scolaire 2020/2021 commence le mardi 15 septembre 2020 et finit le jeudi 15 juillet 2021.

Le calendrier des vacances et congés scolaires pour l'année scolaire 2020/2021 est fixé comme suit:

1. Le congé de la Toussaint commence le samedi 31 octobre 2020 et finit le dimanche 8 novembre 2020.
2. Les vacances de Noël commencent le samedi 19 décembre 2020 et finissent le dimanche 3 janvier 2021.
3. Le congé de Carnaval commence le samedi 13 février 2021 et finit le dimanche 21 février 2021.
4. Les vacances de Pâques commencent le samedi 3 avril 2021 et finissent le dimanche 18 avril 2021.
5. Jour de congé pour l'Ascension : le jeudi 13 mai 2021.
6. Le congé de la Pentecôte commence le samedi 22 mai 2021 et finit le dimanche 30 mai 2021.
7. Jour de congé pour la célébration publique de l'anniversaire de SAR le Grand-Duc : le mercredi 23 juin 2021.
8. Les vacances d'été commencent le vendredi 16 juillet 2021 et finissent le mardi 14 septembre 2021.

### Remarques:

